LSAP

N°3771
Entrée le 13.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.03.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Beim ADAPTO ginn et ëmmer erëm Probleemer déi d'Vertrauen an de Service ënnergruewen. Den Orientéierungssënn vu verschiddene Chaufferen, déi feelend lëtzebuergesch Sproochekenntnisser, oder och de laangen Delai tëschent Ufro an Attributioun vun der ADAPTO Kaart si beispillsweis kritiséiert ginn.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Reklamatiounen si vu Januar 2025 bis elo beim ADAPTO-Service eragaangen?
    - Iwwer wat fir Aspekter vum ADAPTO Service goufen et am heefegste Reklamatiounen?
- Wéi vill Demande fir d'ADAPTO-Kaart, respektiv d'Erneierung dovunner, goufen 2024 an 2025 ofgeleent? Wat sinn d'Haaptgrënn fir dës Refusen?
- Wéi vill Demande fir d'ADAPTO-Kaart musse Stand 1. Mäerz 2026 nach traitéiert ginn?
- Wat fir Qualifikatioune mussen d'Leit erfëlle fir Chauffeur am ADAPTO Service ze ginn?
- Wat ass déi duerchschnëttlech Beschäftegungsdauer vun engem ADAPTO Chauffeur?
- Wéi ginn nei Chauffeuren am Service ageschafft?
- Wéi vill ADAPTO-Chauffeure ginn u Lëtzebuergesch ze schwätzen?
- Kéint d'Madame Ministesch sech virstellen den Zougang op Lëtzebuergesch Sproochecoursë fir bestëmmte Beruffer, wéi zum Beispill Chauffeuren, ze prioriséieren?
- Wéi eng kuerz- a mëttelfristeg Moossname wier d'Madamm Ministesch bereet ze huele fir den ADAPTO-Service ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt

Yves Cruchten
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu